N° 6171
Reçue le 11.05.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.05.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/05/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

2018 ass de Gesetzesprojet zum medezinesche Cannabis gestëmmt ginn. Leider koum et d'lescht Joer zu enger Réi vu Ruptures de Stock wouduerch d'Patienten hu missten op aner Medikamenter zréckgräifen. D'Pilotphase sollt no 2 Joer an engem Rapport evaluéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'Fro n°4349 huet d'Ministesch erkläert, dass de Rapport zur Evaluatioun vun der Pilotphase vum medezinesche Cannabis soll am Hierscht 2021 ofgeschloss sinn.
   Ass de Rapport mëttlerweil disponibel? Wa jo, ass dësen ëffentlech zougänglech?
2. Wéi eng Quantitéiten u Stock si momentan u blo, giel a rout markéiertem medezinesche Cannabis a Cannabis-Ueleg disponibel?
3. Wéini wäerte weider Quantitéite bestallt ginn?
4. Koum et an deene leschte 6 Méint nach zu Ruptures de stock?
5. Wéi vill Persoune kréie momentan medezinesche Cannabis verschriwwen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député